Union Grand-Duc Adolphe

*Union Grand-Duc Adolphe*

# En neit a.s.b.l. Gesetz fir Lëtzebuerg – ass dat gutt fir eis Veräiner?

Text : **Marc THILL,** UGDA-Generalsekretär

**www. ugda.lu**

Dat neit a.s.b.l. Gesetz fir Lëtzebuerg ass eppes wourop eis Veräiner alleguer laang gewaart hunn. Mir hunn haut iwwer 8.000 Associatiounen ënnert der Form vun enger a.s.b.l. (association sans but lucrative) zu Lëtzebuerg. Dat aalt Gesetz war vun 1928 an et huet bal 100 Joer gedauert, genee wéi beim Schoulgesetz deemools, bis et vun enger neier, der moderner Gesellschaft ugepasster Versioun ofgeléist ginn ass. Wéi ass et dozou komm?

Am Joer 2009 ass de Gesetzesprojet 6054, zur Zäit nach vum Finanzminister Luc Frieden deposéiert ginn. Ee Projet den der Recommandatioun VIII vum internationale Groupe d'action financière (GAFI) nokomm ass. De Secteur vun den Associatiounen a Fondatioune sollt engem bessere Monitoring ënnerleie, fir sou eventuell Geldwäscherei a Finanzéierung vum Terrorismus ze verhënnere. Een Text wou e sëlleg Avisen an Amendementer dorop gemaach gi sinn, an fir vill Kontroverse gesuergt huet.

***" En neit Gesetz fir Geldwäscherei a Finanzéierung vum Terrorismus ze verhënneren! "***

14 Joer méi spéit, de 7. August 2023 endlech ass de Gesetzesprojet mat grousser Majoritéit an der Chamber gestëmmt ginn. Den 19. September 2023 gëtt en am Memorial veräffentlecht, dräi Deeg méi spéit trëtt en a Kraaft. Ass dësen Text eng Hëllef fir eist Veräinsliewen oder mécht hien et eis nach méi schwéier?

Eng Fro wou d'Äntwert vill Schichten huet. Eng Fro déi d'UGDA sech schonn am Wanter 2021 gestallt huet, wéi mir am Kader vun eise Regionalversammlunge mat enger Konferenz vum Maître Pierre Feltgen op dëse Sujet higewisen hunn.

De Moie vum 19. September 2023 war ee Webinaire, organiséiert vum Kulturministère. Hei sinn et déi éischt Explikatiounen zum a.s.b.l. Gesetz ginn. Fir unzefänke gëtt et eng Iwwergangsperiode vun zwee Joer. An dëser Zäit ginn déi bestoend Associatiounen nach entspriechend dem Gesetz vun 1928 behandelt. D'Associatiounen an d'Fondatiounen awer déi lo nei gegrënnt ginn, wäerten ënnert d'Gesetz vum 7. August 2023 falen.

Allerdéngs gëtt et och Aarbecht fir déi bestoend Associatiounen a Fondatiounen. Sie mussen hir Statute kontrolléieren ob se konform sinn zum neie Gesetz. Hei sinn et oft Klengegkeete, wéi zum Beispill d'Referenzen op d'Gesetz vum 21. Abrëll 1928 duerch Referenzen op dat neit Gesetz ze ersetzen oder aner Detailer am Text vun de Statuten unzepassen.

Dat neit Gesetz bitt och de Veräiner eng Rei vu Chancen, se mussen awer formell am Text vun de jeeweilege Statute verankert sinn. Sou kann elo eng Associatioun offiziell hir Versammlungen, esouguer hir Generalversammlung iwwer Visiokonferenz organiséiere.

D'Memberen dierfe per Mail, also exklusiv op dem elektronesche Wee convoquéiert ginn. D'Lëscht vun de Membere kann ënnert der Form vun engem elektronesche Regëster (Excel Tableau o.ä.) gehale ginn. Den Dépôt annuel vun de Membersléschte beim RCSL ass net méi obligatoresch.

De Prinzip vum Dépôt unique (once only principle) gëtt domat agefouert. Alles wat schonn um RCSL deposéiert ginn ass, muss net méi um Ministère deposéiert ginn. D'Créatioun vun enger neier a.s.b.l. soll sou méi souple gemaach ginn. D'Fro vun der Responsabilitéit läit lo kloer bei der Associatioun, net bei de Persounen déi se bilden. Déi eenzel Membere si just fir hir Handlungen am Kader vun hirem Mandat, zum Beispill als Member vum Verwaltungsrot responsabel.

Des weidere verschwënnt d'Notioun vum Quorum. Falls an enger Generalversammlung net genuch Memberen do si fir de Quorum ze erfëlle kann trotzdeem ofgestëmmt ginn an d'Majoritéit vun de Leit déi do sinn emportéiert de Vote, ausser et steet anescht an de Statute.

D'Associatiounen dierfe elo offiziell iwwer Terrainen oder Gebaier verfügen, déi net direkt mat hirem Objet social ze dinn hunn. Transferten a Fusiounen si méiglech gemaach ginn, dat heescht d'Iwwerschreiwe vum Aktiv a vum Passiv gëtt méi einfach. Eng Neiegkeet déi et bis lo net gouf.

***" Wéi eng Contrainte kommen elo op eis Veräiner duer? Wéi funktionéiert dës Kategorisatioun a wat fir eng Form vu Comptabilitéit mussen se féiere? "***

Allerdéngs ginn et och Contrainte, sou ginn eis Associatiounen an dräi Kategorien ënnerdeelt: kleng, mëttel a grouss Associatioune. Dës Kategorien entscheeden doriwwer wéi d'Associatioune mussen hir Finanzen organiséieren a wat fir eng Form vu Comptabilitéit se musse féieren.

Wéi funktionéiert dës Kategorisatioun? Et gëtt em dräi Critère déi d'Gesetz kuckt fir d'Associatiounen an déi verschidde Kategorien ze ënnerdeelen. Dës Critère musse wärend zwee Joer hannerteneen erfëllt gi sinn.

De generelle Prinzip ass, depasséiert eng Associatioun wärend zwee op en ee follgende Joren zwou vun dësen dräi Limite gëtt se an déi nächst Kategorie uewen driwwer klasséiert.

Union Grand-Duc Adolphe

### Kleng Associatiounen

1. manner wéi dräi Persounen déi Vollzäit fir d'Associatioun schaffen (< 3 ETP)
2. een Total vun de Revenue mat engem Maximum vun 50.000,- Euros
3. een Total vum Aktiv mat engem Maximum vun 100.000,- Euros

### Mëttel Associatiounen

1. manner wéi fofzéng Persounen déi Vollzäit fir d'Associatioun schaffen (< 15 ETP)
2. een Total vun de Revenue mat engem Maximum vun 1.000.000,- Euros
3. Total vum Aktiv mat engem Maximum vun 3.000.000,- Euros

### Grouss Associatiounen

All Associatioun déi wärend zwee Joren op mannst zwee vun den dräi Critère vun enger mëttler Associatioun depasséiert huet.

Mir wëssen allerdéngs nach net ob eng Associatioun och zeréck klasséiert gëtt, also rëm an eng Kategorie méi déif kënnt falls se déi Critère zwee Joer laang net méi erfëllt. Eng Fro der mir op jidder Fall nogoe wäerten.

Fir d'Form vun der Comptabilitéit vun den Associatioune bedeit dat:

**eng kleng Associatioun dierf eng vereinfacht Comptabilitéit féieren, muss awer all Joer :**

1. den Total vun de Suen uginn den se an der Keess huet,
2. den Total vun de Suen uginn den se op der Bank stoen huet,
3. d'Unzuel vun hire Membere uginn awer just gestaffelt no Tranchen,
4. de Pourcentage vun den Iwwerweisunge vu Suen an aner Länner vun der Europäescher Unioun an/oder a Länner vum Rescht vun der Welt uginn.

**ass et eng mëttel Associatioun muss se uginn :**

1. d'Unzuel vun hire Membere awer just gestaffelt no Tranchen,
2. de Volume vun hirem eegenen Besëtz mat deem se aner Entitéite finanzéiert,
3. de geschätzte Pourcentage vun Aktivitéite déi se zu Lëtzebuerg, an anere Länner vun der Europäescher Unioun an/oder a Länner vum Rëscht vun der Welt huet,
4. de Pourcentage vun den Iwwerweisung vu Suen an aner Länner vun der Europäescher Unioun an/oder a Länner vum Rëscht vun der Welt.

Eng mëttel Associatioun muss dofir an hirer Comptabilitéit ee Bilan an ee Compte des pertes et profits féieren. Dës Dokumenter mussen de Reegele vun enger Comptabilitéit en partie double entspriechen.

Fir déi grouss Associatioune gëllen déi nämmlecht Reegele wat d' Ugaben betrëfft a wat d' Form vun der Comptabilitéit ugeet. Dobäi kënnt nach dass d' Bicher no de Reegele vun enger kommerzieller Entreprise gefouert musse ginn an dass ee Reviseur d'entreprise agréé all Joer hir Konte kontrolléiere muss.

Fir d'Fondatiounen an d'Associatiounen déi d'Utilité publique hu gëllt des Konditioun d'office. D'UGDA als Federatioun wäert also dovu betraff sinn.

Lo sinn dat op den éischte Bléck vill Informatiounen. D'Gesetz a senger definitiver Form steet online op Legilux.lu. De Ministère huet de Veräiner seng Hëllef versprach ënnert der Form vun :

- engem Informatiounscourrier
- engem Guide ënnert der Form vun engem Bichelchen
- engem Internet-Site wou alles méi genee erklärt gëtt: **www.myasbl.lu**

Et muss gehandelt ginn, mee mir hunn Zäit fir dëst an aller Rou ze maachen. Den 23. September 2023 ass d' Gesetz a Kraaft getrueden. Et leeft eng Iwwergangszäit vun zwee Joer wou d'Statuten a wou d'Comptabilitéit ugepasst solle ginn. Ausser fir déi Veräiner, déi nei gegrënnt ginn, déi falen direkt ënnert d'Gesetz vum 19. September 2023.

Eng Zäit vun der Ongewëssheet fir d'Veräiner, wou mir als Federatioun UGDA wäerten Iech begleeden a probéieren är Froe kënnen ze beäntweren, zesumme fir ee modernt Veräinsliewen zu Lëtzebuerg, mat engem neien a.s.b.l. Gesetz.